

# EMILE EICHER

Buergermeeschter a Deputéierten

## Méi no, méi Cliärref

*"Eng héich Liewensqualitéit fir eis Biergerinnen a Bierger an ee konstante Wuesstem. Schaffen, Wunnen, Fräizäit a Liewen zu Cliärref. Hei an der Gemeng soll jiddereen seng Plaz hunn. Duerfir: Méi Cliärref. Méi Éislek!"*

D'Equipe vum Buergermeeschter setzt sech a fir ee staarkt Cliärref. Et geet doréms mat Wäitsiicht no fir ze kucken, solidaresch ze sinn an ëmmer een oppent Ouer ze hunn fir d'Suerge vun de Leit an hirem Alldag.

D'Cliärrwer Gemeng ass ee staarke Pilier vum Tourismus hei am Land. Mat dem Schlass, der Family of Man, der Cité de l'Image, dem Cube521, der Abtei, dem Tourist Center an eise Qualitéits-Wanderweeër, gëllt et esou opgestallt ze sinn, dass och déi lokal Geschäftswelt, d'Restauratioun an Hotellerie gestäerkt an d'Zukunft kënne kucken.

D' Liewens- a Wunnqualitéit vun de Biergerinnen a Bierger läit ons besonnesch um Häerz. Dozou gehéiert och eng gutt Gesondheets-versuergung mat dem Centre Médical zu Maarnech, der Apdikt an de villen Dokteren, déi sech an de leschte Joren an der Gemeng néiergelooss hunn. Dat stellt eng grouss Plus-Value duer, déi mer an Zukunft nach weider ausbauen.

Ee grousse Challenge an den nächste Joren wäert och d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum sënn, dëst am Aklang vum ländleche Charakter vun eisen Dierfer.

Wichteg ass et och, datt eis Gemengeservicer biergerno an effizient bleiwen a weiderhi gutt funktionéieren. Den Ausbau vun neie Servicer, wéi dem City Management, dem Urbanismus an engem internen Ingenieursbüro erméiglechen et, der Gemeng an Zukunft nach méi effikass am Déngscht vum Bierger kënnen ze schaffen.

Duerch eis responsabel Finanzpolitik vun de leschte Joren sënn d'Gemengefinanzen excellent opgestallt an erlaben dowéinst och gréisser Investitiounen, wéi den Ausbau vun de Sport-, Schoul- a Fräizäitinfrastrukturen.

Dir fannt eis Prioritéite fir 2023 an déi nächst 6 Joer op den nächste Säiten genau esou wéi e Bilan an den Iwwerbléck vun den 11 Kandidaten.



D'Equipe vum Buergermeeschter

# MÉI NO. MÉI CLIÄRREF.

Grondwäerter & Bilan

***D'CSV ASS ENG GROUSS VOLLEKSPARTEI A STEET FIR E GANZE KOUP GRONDWÄERTER, FIR DÉI MÄR EIS OCH AN DER CLIÄRRWER GEMENG ASETZE WËLLEN.***

**Hei sinn déi wichtegst Grondprinzippien:**

- Personalitéit: all eenzel Persoun steet am Mëttelpunkt
- Solidaritéit: géigesäiteg (Mat-)Verantwortung a (Mat-)Verflichtung
- Subsidiaritéit: Eegeleeschtung a Selbstbestëmmung vun der Persoun un éischter Stell a vun der Gemeinschaft eréischt un zweeter Stell
- Allgemengwuel: dat perséinlecht Wuel vun all Eenzelen an enger Gemeinschaft
- Nohaltegkeet: haut net op Käschte vu muar liewen

Zu all Ament steet d'Wuel vum Mënsch am Mëttelpunkt, onofhängeg vu senger Hierkonft, senger politescher Iwwerzeegung, sengem Glawen oder senger Orientéierung.


Fir dëst z'erreeche setze mär op Dialog, konstruktiv Zesummenuarbecht, globaalt Denken an Handelen.

Mär setzen eis a fir eng modern Politik, déi d'Viraussetzunge fir een harmonescht Zesummeliewe schaaft, wou Jiddereen seng Plaz a säi Gléck fënnt.

## BILAN

**Stabil Finanzen, eng grouss Bereetschaft a vill gutt Iddien hunn et erméiglecht, eis Naturpakt-Gemeng weider no fir ze bréngen. Fir all hir Efforten am Beräich Ëmwelt a Klima ass Cliärref och mam Golden Energy Award ausgezeechent ginn an doriwwer eraus dem Cittaslow-Netzwierk bäigetrueden. An de leschte 6 Joer ass vill geschitt, och wann d'Ëmstänn net einfach waren. Hei e klengen Iwwerbléck :**

- Nei Busgare an neit Parkhaus um Reiler Schoulcampus;
- Ausbau vun der Maison Relais zu Reiler;
- Moderniséierung vun der Sportshal zu Reiler;
- Renovéierung a Bau vun neie Spillplazen;
- Mise en conformité vu sämtlechen Gemengesäll;
- Erneierung vun der rue Bongert an der rue du Parc mat enger neier Bréck zu Cliärref an der rue Driicht zu Marnech;
- Erneierung an Neibau vu Kläranlagen an Drénkwaasserbehälter esou wéi d'Moderniséierung vum Kanalnetz;
- Bau vu Regenüberlaufbecken an eng Rei Renaturéierungen;
- Investitiounen an erneierbar Energien;
- Ëmsetzung vum Liicht-Masterplang;
- Installatioun vun enger energieeffizienter Beliichtung vu Gebaier a Stroossen;
- CEBA-Bibliothéik zu Léiler an der aler Schoul;
- Hëllef an Ënnerstëtzung vum Bau vum Cliärrwer Lycée an der Transversale;
- Schafe vun engem City Management an Ausbau vun de Gemengeservicer.





CSV CLIÄRREF

# MÉI NO. MÉI CLIÄRREF.

Bilan & Ausbléck

Walprogramm
Wahlprogramm
Programme électoral

www.clervaux.csv.lu

## ÄR EQUIPE



Paul (Bisi) Bisenius



Ioana Gabriela Budur




Jules Clement



Pia Kremer-Scheuren



Jemp Schuller



Emile Eicher



Pia Lamesch



Carlos Pereira



Paulo Martins



Eric Nicolas



Pol Michels

LËSCHT 4

CSV CLIÄRREF

# LIEWEN AN EISER GEMENG





## ZESUMMELIEWEN & INTEGRATIOUN

**Well d'Zesummeliewen an d'Integratioun zwee Beräicher sinn, déi an eiser multikultureller Gesellschaft ëmmer méi wichteg ginn, wëlle mir :**

- Nei Plaze schafen, wou Jonk an Al sech treffe kënnen;
- Weider Spillplazen an der Gemeng bauen;
- Déi bestoend Duerfplaze revaloriséieren an zousätzlech Plazen an de Neibaugebidder schafen;
- Soubal d'Erneierung vum Parking op der Place de la Libération ofgeschloss ass, de Projet vun enger attraktiver Maartplaz am Zentrum vu Cliärref ugoen;
- D'Attraktivitéit vu Cliärref a sengen Dierfer durich moderne „Mobilier urbain" opwäerten (Bänken, Dëscher, Poubellen…);
- D'Aktivitéite vun der Integratiounskommissioun ënnerstëtze mat z.B. engem Noperschaftsexpress, reegelméissegen Afterworks, Sproochecoursen an esou genannten Tiers lieux;
- Systematesch d'Barrierefräiheet am ëffentleche Raum ausbauen. D'Gebailechkeete vun eiser Gemeng musse fir jidderee fräi zougänglech sënn;
- Méi-Generatiounen-Häiser schafen, wou Jonk an Al zesame liewe kënnen an och Strukture fir „Betreit Wunnen" opbauen;
- D'Clubhaus „Op der Heed" weider finanziell ënnerstëtzen;
- D'Altersheemer an der Gemeng och an Zukunft ënnerstëtzen fir datt si op engem modernen an héichwäertege Stand bleiwen.

## KULTUR & TOURISMUS

**Grad an deene Beräicher huet ons Gemeng ganz vill ze bidden. Duerfir mussen d'Kultur an den Tourismus och geziilt ënnerstëtzt gi mat folgende Mesuren:**

- D'Museksschoul muss weiderhin hir Roll erfëllen;
- Cliäreff muss als Cité de l'Image mat der Family of Man ee vun de Pilieren vum nationalen Tourismus bleiwen;
- All déi Veräiner, déi mam Volet Kultur ze dinn hunn, sollen an Zukunft geziilt finanziell ënnerstëtzt ginn;
- De Cube521 zu Maarnech soll och weiderhin déi Mëttel hunn fir eng attraktiv a villfälteg Offer unzebidden;
- Eng verstäerkten Zesummenaarbecht mam Tourist Center am Kader vun den Aktivitéiten a Fester an eiser Gemeng.






## EDUKATIOUN & KANNERBETREIUNG

**Och dës zwee Theme sti ganz uewen op eiser Prioritéitelëscht. Et gëllt hei virun allem de Besoine vun de Kanner gerecht ze ginn. Duerfir triede mir an fir:**

- Den Ausbau vum Bildungshaus om Reiler Schoulcampus: 20 nei Klassesäll, Méiglechkeet fir Enseignement special (Ediff, Museksschoul, Logopedie, Psychomotricien…);
- D'Verdueblung vun der Kapazitéit an de Betreiungsstrukturen (Maison relais a Crèche) mat multifunktionelle Säll, wou d'Kanner spillen, léieren an och iesse kënnen;
- D'Ënnerstëtzung vun deenen Elteren, déi hir Kanner ausserhalb vun de Schoulzäite selwer betreie wëllen. Duerfir wëlle mir hei eng Basis bidde mat enger adequater Infrastruktur, wéi z.B. neie Spillplazen a Sportinfrastrukturen;
- D'Associatiounen, déi am Déngscht vun de Famille stinn, wéi de Babykrees, d'Eltereschoul, ee Service familial Haus 13 asw. Finanziell a strukturell z'ënnerstëtzen;
- D'Zesummeliewen tëschent der Europaschoul an dem Enseignement fondamental ze stäerken.

## JUGEND, VERÄINER, SPORT & FRÄIZÄIT

**D'Pandemie war fir keen eng einfach Zäit. Ganz besonnesch betraff waren awer déi Jonk. Och d'Veräinsliewen an de Sport lounge brooch. Dowéinst gëllt et elo:**

- D'Veräiner aus der Gemeng ze stäerken an se materiell a finanziell z'ënnerstëtzen. Eis Veräinssäll solle moderniséiert ginn an et musse Méiglechkeete fonnt ginn, fir d'Material vun de Veräiner ze stockéieren;
- Déi Jonk fir d'Politik ze interesséieren an hinnen eng Méiglechkeet bidde fir sech an d'Gemengepolitik mat anzebréngen duerch d'Aféiere vun engem Kanner- a Jugendgemengerot;
- De Fussballterrain zu Reiler ze moderniséieren a mat enger moderner Buvette a neie Vestiairen z'equipéieren;
- Primme fir Schüler, Studenten a Léierbouwen anzeféieren;
- Eng nei Fräizäitinfrastruktur um Site vun der aler Schwämm mat enger Indoor-Spillplaz an engem Kloterpark z'installéieren;
- D'Jugendhaus ze relookéiere fir esou neie Schwong dran ze kréien.



# ENG LIEWEG GEMENG





## BIERGERBEDEELEGUNG, INFORMATIOUNEN & KOMMUNIKATIOUN

**Well d'Biergerinnen an de Bierger am Mëttelpunkt vun onser Politik stinn, mussen si och beschtens informéiert sinn. Dowéinst wäerten:**

- Reegelméisseg Informatiounsversammlunge stattfannen, wou d'Projeten déi d'Gemeng wëlles huet ze realiséieren, virgestallt ginn;
- Workshops organiséiert ginn nom Modell vum participative Prozess fir déi nei Spillplazen;
- Den Dialog tëschent de Biergerinnen an de Bierger an der Politik verstäerken an d'Leit nach méi abannen;
- D'Informatioun am Groussen a Ganze verbessert ginn an d'Kommunikatioun iwwert déi sozial Medien ausgebaut gi fir speziell och déi Jonk besser z'erreechen.









# ENG GEMENG FIR JIDDEREEN






## LOGEMENT & WUNNEN

**D'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum ass eng vun de gréissten Erausfuerderungen hei am Land. Dat ass an eiser Gemeng net anescht. Duerfir wëlle mir:**

- De Pacte Logement 2.0 ëmsetzen;
- Als Gemeng bezuelbare Wunnraum fir d'Locatioun a fir de Verkaf schafe wéi z.B. de Projet Hëpperdang op enger Fläch vun 2,2 Hektar;
- Weider PAP'en ausschaffen;
- D'Zesummenaarbecht mat staatlechen an privaten Acteure weider ausbauen wéi d'Agence immobilère sociale, de Fond de Logement, an d'SNHBM;
- Nei Wunnforme fërdere, wéi z.B. Méi-Generatioune-Wunnen oder Logement intégré a Bail emphytéotique.

## BETRIEBER & LANDWIRTSCHAFT

**Och si sinn e wichtege Bestanddeel vun eiser Gemeng. An de leschte Joren huet sech do Villes gedoe bzw. gouf et eng Rei vun Ännerungen. Et gëllt um Ball ze bleiwen, duerfir sollen:**

- Am Kader vun „Natur genéissen" eis lokal Bauerebetriber och an Zukunft ënnerstëtzt ginn andeems mir hir héichwäerteg Produkter prioritär an eise Kantinnen um Gemengenterritoire verschaffen;
- Och d'Geschäftsverbänn an der Gemeng weiderhi finanziell ënnert d'Äerm gegraff kréien;
- De Guichet unique PME an den City Management weider ausgebaut ginn;
- Eng nei Aktivitéitszone vum SICLER, nom Prinzip vun der Economie Circulaire, schnellstméiglech zu Feschbich ëmgesat ginn.

## ËMWELT & KLIMASCHUTZ

**Genau wéi d'Wunne sinn och dat zwee ganz wichteg Themen, wou weiderhin den Hiewel muss ugesat ginn. Duerfir wëlle mir:**

- Als Golden European Energy Award Träger am Klimapakt och an Zukunft derfir suergen, dat eis Gemeng sech fir de Klimaschutz asetzt;
- Mat Subventiounen de privat Stéit d'Installatioun vun modernen Ëmwelt- a Klimaschutzmesuren schmackhaft maachen;
- D'Naturpakt-Moossnamen ëmsetzen;
- Nei Konzepter fir Energiespuermoossname bei ëffentleche Gebaier aféieren an Photovoltaik a Geothermie an der Gemeng fërderen;
- Weiderhin ee Virreider sinn hei an der Regioun, wéi am Kader vum Projet „Cliärref am neie Liicht".

## SÉCHERHEET & GESONDHEET

**Och dat sinn zwee Sujeten, déi eis um Häerz leien a wichteg Bestanddeeler vun der Liewensqualitéit vun onse Biergerinnen a Bierger. Aus dem Grond wäerten:**

- D'Secherheetsmesuren bei de Foussgängersträife verbessert ginn;
- D'Sécherheet op de Schoulweeër geziilt verstäerkt ginn;
- Mir eis asetze fir eng verstäerkte Policepresenz an eiser Gemeng;
- De Bau vum neie regionalen Asazzenter vum CGDIS schnellstméiglecht ëmgesat ginn;
- Mir fir de weideren Ausbau vun de medezineschen, therapeuteschen a soziale Servicer an eiser Gemeng suergen.









## MOBILITÉIT, TRANSPORT & VERKÉIER

**Et geet heibäi em eis Liewensqualitéit, op déi d'Mobilitéit, den Transport an de Verkéier een direkten Afloss hunn. Duerfir wäerte mir:**

- De Late-Night Bus an de Nightrider an eiser Gemeng weider ausbauen an derfir suergen, datt de Service vum Bummelbus verstäerkt gëtt;
- De Schoultransport mam RGTR optiméieren;
- Eng Berouegung vum Verkéier am Zentrum vu Cliärref aféieren, an dat mat Hëllef vun engem Shared Space an och gezielte Geschwindegkeetsbegrenzungen;
- Weider ëffentlech Parkplazen zu Cliärref schafen an doduerch d'Attraktivitéit fërderen;
- De Reseau vun elektresche Ladestatioune fir Auto a Vëloe weider ausbauen;
- Nei Vëlospisten tëschent den eenzelen Uertschaften bauen.

CSV
CLIÄRREF